# Vereedegung vum Kannerrot

# mam Buergermeeschter

De Kanner aus der SEA Réiser a Bierchem eng Stemm ze ginn, dat ass d’ Ziel vum Kannerrot.

Mais wéi ass et iwwerhaapt zu dësem Kannerrot komm?
All Kand krut d’ Méiglechkeet säin Steckbréif am SEA opzehänken. Änlech, wéi d’ Politiker aus dem Gemengerot hunn och eis Kandidaten deenen aneren Kanner hir Iddien präsentéiert.



Dofir sinn mir houfreg, dass dësen néien Kannerrot offiziell vun eisem Buergermeeschter, dem Här Jungen, vereedegt gouf.

Interesse, Engagement an e bëssen Nervositéit hunn eis Jonk duerch des Reunioun mam Buergermeeschter begleet.



D’ Kanner waren ganz interesséiert um Här Jungen senger Aarbecht an wollten des Geleeënheet notzen fir eisen Buergemeeschter besser kennen ze léieren. Sou hunn sie him vill Froen gestallt.

Wéi och déi Erwuessen, hunn och dss Kanner en Eed ofgeluet. Sie schwieren, an hirer Funktioun am Kannerrot, d' Interessen an d' Bedürfnisser vun allen Kanner aus dem SEA ze vertrieden.

Sie leen Wäert op en respektvollen Ëmgang ënnert eneen.

Wichteg ass fir d' Kanner, dass jidderengem seng Meenung respektéiert an wäertgeschätzt gëtt.






*Eisen Kannerrot zesummen mam Här Jungen*

Een Grousen Merci nach eng Kéier un den Här Jungen, deen sech och an engem geféllten Agenda Zäit fir d’ Kanner geholl huet.